N° 4624
Reçue le 08.07.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 8 juillet 2021

**Réf. :** 838x4eee0

**Concerne**: Question parlementaire urgente n° 4624 du 7 juillet 2021 de Monsieur le Député Gilles Roth et de Monsieur le Député Laurent Mosar

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Ministre de la Sécurité Intérieure et de la soussignée à la question parlementaire urgente n°4624 du 7 juillet 2021 de Monsieur le Député Gilles Roth et de Monsieur le Député Laurent Mosar concernant les Nouvelles infections à la Covid-19.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Paulette LENERT**
**Ministre de la Santé**

**Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre de la Sécurité Intérieure à la question parlementaire urgente n°4624 du 7 juillet 2021 de Monsieur le Député Gilles Roth et de Monsieur le Député Laurent Mosar concernant les Nouvelles infections à la Covid-19**

*Unhand vu wéi eng Krittären maachen d'Autoritéiten en Ënnerscheed tëscht fester (49% vun den Notifikatiounen fir de Covid-Check Regime) an Evenememter am HORECA-Beräich (6%)*

D' Santé préparéiert hier Statistiken baséiernd op den Notifikatiounen vun den Organisateuren. Bei den Notificatiounen mëllen d'Organisateuren selwer ob si eng Aktivitéit HORECA bei engem festiven Evenement dobäi hunn oder net. Baséiert op den Notificatiounen déi d'Santé era krutt, gesäit et esou aus wéi wann déi allermeescht HORECA Betrieber net Gebrauch maachen vum Regime Covid-Check, mee preferentiell Klienten dobaussen op Terrassen empfänken oder dann dobannen mee am Respekt vun de 4 Leit (oder eng Famill) pro Dësch.

*Kann d'Regierung eis erklären, a wéi enger Konstellatioun ee Betrib aus dem HORECA-Beräich de Covid-Check-Regimm just fir 3 Stonne kann ufroen, wëssend dass bei engem normale Service (deen owes um 18 Auer ufänkt) mindestens 6 Stonnen kann zerwéiert ginn ?*

- *Kann d'Regierung eis deemno erklären, op wat sech déi "3 Stonnen" beim HORECA an den Zousaz dann of "à répétition" bezéien?*
- *Ass et méiglech fir een Etablissement z.B. den Dag selwer um 17 Auer eng éischt Notifikatioun ze maachen fir d'Zäitspan tëscht 18 an 21 Auer, um 20 Auer eng zweet fir d'Zäitspan tëscht 21 an Mëtternuecht an um 23 Auer eng drëtt fir d'Zäitspan tëscht Mëtternuecht an 3 Auer moies?*

Déi dréi Stonnen déi fir den HORECA Beräich mentionéiert ginn, sinn eng Moyenne, woubäi et grouss Differenzen zwëschent den Etablissementer gëtt. Déi meescht HORECA Aktivitéiten déi fir den CovidCheck déclaréiert ginn sinn en Rapport mat engem bestëmmten Evenement (z.B. eng Receptioun fir eng Feier an engem Restaurant) an dofir sinn si zäitlech limitéiert. Heinsdo hunn esou Aktivitéiten répétitiven Karakter. Dei meeschten HORECA Betrieber schéngen awer net no dem COVID-Check Regime ze laafen.

*Vun deenen 21 Etablissementer, déi méi wéi eng Kéier ernimmt goufen, waren do Etablissementer dobäi, déi och schonn an der Vergaangenheet, also virum Aféieren vum Covid Check Regimm negativ opgefall sinn? Waren der dobäi, déi nom Aféieren vum Covid Check Regimm an dem Virowend vun Nationalfeierdag negativ opgefall sinn? Waren der dobäi, géint déi an der Vergaangenheet och schonn Amende verhaange goufen? Huet d'Regierung nom 14. Juni 2021 an deenen Etablissementer Kontrollen duerchgefouert a wa jo, bei wéi vill vun deenen Etablissementer?*

Vun deenen 21 genannten Etablissementer, waren keng dovunner an der Vergangenheet schon mat Clusteren vun Infektiounen associéiert.

Waat eventuell Amendes administratives ubelangt déi vum Gesondheetsministère op Basis vum Artikel 11 vum Covidgesetz gesprach goufen, hunn 2 vun den 21 genannten Etablissementer effektiv an der Vergangenheet schon eemol eng Amende an der Vergangenheet gesprach kritt well sie sech net un d'Covidsgesetzegebung gehaalen hunn déi zu deem Zaitpunkt en Vigueur war (an béide Fälle hunn déi zwee Etablissementer nach iwwer déi erlaabten Auerzaiten eraus Gäscht empfangen).

Waat eventuell Irrégularitéiten ubelangt déi den Virowend vun Nationalfeierdaag constatéiert goufen, also den 22. Juni, sinn keng spezifesch COVID-Rapporten säitens der Police opgestallt ginn.

Waat eventuell Kontrollen an deenen 21 Etablissementer sait dem 14. Juni ubelangt, kann d'Police confirméieren datt sait dem 14. Juni an 9 vun deenen 21 Etablissementer Kontrollen duerchgefouert goufen. Zum Zaitpunkt vun dësen Kontrollen konnten keng Irrégularitéiten mat der Covidgesetzgebung festgestallt ginn.

*Vun deenen 3 Etablissementer, wou d'Autoritéiten "richteg" Clusteren festhalen, waren do Etablissementer dobäi, déi och schonn an der Vergaangenheet, also virum Aféieren vum Covid Check Regimm negativ opgefall sinn? Waren der dobäi, déi nom Aféieren vum Covid Check Regimm an dem Virowend vun Nationalfeierdag negativ opgefall sinn? Waren der dobäi, géint déi an der Vergaangenheet och schonn Amende verhaange goufen? Huet d'Police an deenen Etablissementer nom 14. Juni 2021 Kontrollen duerchgefouert a wa jo, bei wéi vill vun deenen Etablissementer?*

Och bei deenen 3 Etablissementer wou elo gréisser Clusteren opgetrueden sinn, waren keng dovunner an der Vergangenheet mat Clusteren vun Infektiounen associéiert.
Vun deenen 3 genannten Etablissementer huet d'Police bei 2 och effektiv Kontrollen sait dem 14. Juni duerchgefouert. Dobai sinn keng Aktivitéiten festgestallt ginn déi net conforme waren zur Covidgesetzgebung an et sinn deemno och keng Rapport'en ausgestallt ginn.

*Wat versteet d'Regierung ënner "richtege" Clusteren"? War wiere am Géigesaz "falsch" Clusteren?*

Significativ Clusteren am Sënn vun der Santé publique sinn Cluster mat enger grousser Zuel vun Infektiounen. An deem Sënn gëtt et hei 3 „richteg" Clusteren.

*Op wéi vill Etablissementer deelen sech déi 12 Employéeën op?*

Vun den 12 Employéen waren der zwee aus engem selwechten Etablissement, déi aner awer all vun verschidden eenzelen Etablissementer.

*Kann d'Regierung confirméieren, dass déi 6 ATen respektiv Convocatiounen exklusiv physesch Persounen viséiert hunn? Betreffen déi e.a. och virgenannten Employeën?*

Et handelt sech bei deenen 6 Fäll em physesch Persounen. Et ass der Police net méiglech ze bestëmmen ob déi déi virgenannten Employéen betreffen, well et sech hei em strofrechtlech Prozeduren handelt wou d'Arbechtsqualitéit kee Critère duerstellt deen op sou enger Prozedur vermierkt gëtt, respektiv kann d'Police aus dateschutzrechtlechen Grënn keng sou Vergläicher ustellen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

*Wann d'Regierung schreift et wiere keng "gréisser" Problemer bei de Stéchprouwen festgestallt ginn, kann d'Regierung eis erklären wat si domat mengt? Goufen Verstéiss géint d'Covid-Gesetz festgestallt a wa jo, firwat huet d'Police an deem Fall kee Rapport verfaasst? Wéi een Ermiessensspillraum huet d'Police an sou engem Fall? Sinn d'Beamten gehalen dat un d'Autoritéiten weiderzereechen? Wann jo, firwat ass dat net geschitt a wéi soll sech déi Situatioun an Zukunft änneren? Wann net, ginn et Déngschtvirschrëften an deem Sënn?*

Betreffend d'COVID-Gesetzgebung si keng Verstéiss festgestallt ginn wou hätt missen ee Rapport opgestallt ginn wëll d'Dispositiounen vun der Covidgesetzegebung net respektéiert goufen. D'Police huet do keen Ermiessensspillraum an muss all Verstéiss un d'Autoritéite mëllen.
Et handelt sech an dëse Fäll em Stéchprouwen, wou zu deem Moment keng Verstéiss am cadre COVID festgestallt goufen. Allerdéngs kann et bei gréisseren Usammlunge vun Leit virun den Etablissementer oder bei den Evenementer zu Problemer kommen déi näischt direkt mat der COVID-Gesetzgebung ze dinn hunn (flux/canalisatioun vun de Leit, Diskussiounen bei der Entrée, tapage nocturne asw.). Bei esou Problemer intervenéiert d'Police dann och.

137-000010-20040525-FR